N°2426
Entrée le 06.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Stéit, deenen et finanziell net gutt geet, kënne beim Staat beim Fonds National de Solidarité eng Energieprimm ufroen (zousätzlech zur Allocation de vie chère). Dës Primm ass, wéi den Numm et seet, dofir geduecht, d'Stéit an hiren Energiekäschten z'ënnerstëtzen, also fir d'Stroum-, Gas oder Waasserrechnungen ze bezuelen.

D'Gesetz vun 2009 iwwert d'Sozialhëllef an d'Stroumgesetz gesi vir, dass net bezuelte Energierechnungen vum Office social iwwerholl ginn, *"pour autant que le défaillant remplit les conditions d'éligibilité pour le droit à l'aide sociale."*

Et kënnt trotzdeem vir, dass Stéit d'Suen net fir Energie ausginn an am Office Social trotzdeem Ufroe kommen, fir net bezuelten Energierechnung integral z'iwwerhuelen. Esou Persoune kréien an deem Fall duebelt Geld fir dee selwechten Zweck, wärend aner Leit, déi hir Finanzen serieux geréieren, eidel ausginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass et dem Office social erlaabt, trotz dem Passage am Gesetz, net mussen d'Energierechnung ze bezuelen, wann de Subside guer net dofir genotzt ginn ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten